# Freifunk - Fräifunk - Fräie Funk?

Mir sinn eng Initiativ ouni Gewënnzweck mat dem Zil, een flächendeckend fräit Wlan-Netzwierk obzebauen. Mirschaffen a verschidde Communautéiten uchter d'Land an ënnerstëtzen Geschäfts- a Privatleit dobäi, Freifunk bei sech ze installéieren.

## Wat bitt Freifunk?

- Gratis WLAN fir Gäscht - Service um Client!
- keen lästegt Passwuert diktéieren oder opschreiwen méi
- schafft ouni Problemer zousätzlech zu ärem momentan Router
- Sécher a getrennt vum privaten Netzwierk
- reegelméisseg automatesch Software-Updates
- minimalen Entretien
- keng Störerhaftung*

*Dir haft net dofir wat een aneren iwwert ären Freifunk Router mécht

## Freifunk notzen


An de WLAN-Astellunge vum Handy, Laptop, Tablet oder ähnlechem d'Netzwierk "luxembourg.freifunk.net" auswielen a scho surft een am fräien Netz! Et muss een sech néierens registréieren, et musse keng Notzungsbedingungen akzeptéiert ginn a mir protokolléiere keng iwwerdroen Daten.

## Matmaachen

Fir matzemaachen braucht dir just een Router mat eiser Freifunk Software drop. Am beschten ass et, wann een vun eiem Freifunk Lëtzebuerg Team bei iech laanscht kënnt fir sech een Bild ze maachen wat genee gebraucht gëtt.Well wat ass méi nerveg wéi keen Internet? Ze luesen Internet! Eist kompetent Freifunk Team kann esou eng individuell Solutioun installéieren, déi all Undrang kann duerhalen an eng flächendecken WLAN Verfügbarkeetgarantéiert

Weiderhin ass et noutwenneng, dat schonn eng Internetleitung besteet. Freifunk ka just al Zousatz zu ärem momentanen Netzwierk funktionéieren.


## "Public WiFi, done right!"



Ee weideren Virdeel vu Freifunk ass, datt wa genuch Leit an der Géigend matmaachen an d'Freifunk Router Siichtkontakt mateneen hunn, d'Freifunk Router een sougenannten Mesh-Netzwierk erstellen.
D'Router verbannen sech ënnerteneen an deelen hier Internetleitung. Dat mécht d'Verbindung méi staark an onofhängeg. Sou ass et och méiglech, WLAN unzebidden obwuel een selwer keng eegen Internet Leitung huet oder des grad net geet.

## Störerhaftung / Responsabilité de nuisance?

Wa Gäscht iwwert ären Freifunk-Router an den Internet ginn, gëtt den ganzen Trafic ganz legal duerch ee verschlësselte Tunnel (VPN) an d'Freifunk-Netz zum Freifunk-Server geleet. Eréischt vun do aus geet et dann an den Internet:




Fazit: Är Gäscht surfen net mat ärer Identitéit, mä si fir hiert Handele selwer verantwortlech. Dir stellt mat ärem Freifunk-Router nëmmen déi erfuerderlech Infrastruktur fir d'Verbindung mat dem Freifunk-Provider bereet.